Saluxures sur Moselotte

De Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg hat och dëst Joer eng Sortie op de Lac de la Moselotte fest ageplangt, ass dat dach ee vun den Héichpunkten am Joer a fir mech déi schéinste Sortie. Si mir am Ufank ëmmer fir zwee Deg dohinner gefuer, ass et awer elo esou dass déi meeschte Fëscher scho Freides ureesen ewell een et och gutt dräi Deg op dësem schéine Site aushält. Den Äender wor zeguer schonn Donneschdes mat senger Fra ugereest a fir Sie wor et schonn eng kleng Vakanz. Den Äender hat d´Fësch och scho gutt gekëddelt a wousst eis wei mir ukomm sinn nëmme Guddes ze beriichten.

Mee der Rei no, fir unzefänke si mir fir d´éischt eemol an d´Provençale gefuer fir eis mat Gegrilltes anzedecken ewell esou eng Kompanie well verfleegt sinn. Mir haten net ze knapps agelueden an dat wor och net vu Muttwëll ewell mam Wieder hate mir et dëst Joer wierklech net gutt erwëscht an do woren d´Iessen natierlech eng wëllkommen Ënnerbriechung an eng Méiglechkeet fir d´Reserven erëm op ze fëllen. Den éischten Owend hat eise President, de Jeek, eis mat selwer gemaache Lasagne verwinnt an ech kann nëmme soen dass déi schonn no méi geschmaacht huet a bei mir perséinlech wor dee Moment schonn deen éischten Owend de Regime fleete gaangen. De Jeek wor eréischt am Laf vum Freide Mëtten agetraff an Hien hat d´Zelt matbruecht wat eis et erlabe sollt gemittlech am Dréchenen ze iessen. Wei Hien bäi gefuer ass sinn och direkt d´Kollegen erbäi komm an hunn eng Hand mat ugepaakt esou dass d´Zelt Null Komma Nix opgeriicht wor an engem gesellegen Owend Näischt méi am Wee stoung.

Freides wor d'Wieder nach ganz an der Rei, zwar hate mir ënner Wee déi eng oder aner fatzeg Schauer déi erof gaangen ass mee dofir ass et awer dunn de Rescht vum Dag dréchen iwwert d'Bühn gaangen. Mir hunn och direkt vill Fësch gefaangen an et woren dëst Joer richteg déck a kampfstoark Fësch besat. Mir hunn och mat all Variant vum Méckenfëschen eis Fësch gefaangen, déi eng mat Streamer woubäi hei d'Still Water Nymph dee meeschte Succès hat. Anerer wei de Roger an de Pit hunn mat der Nymph a vue vill schéi Fësch gefaange woubäi déi Meeschten awer mat der dréchener Méck gefëscht hunn. De Roger an den Eugéne haten sech een Naache gelount a sinn domadder eraus gefuer an dobäi konnt den Eugéne eng wonnerschéin déck Reebouforell iwwerlëschten déi Hien no zéiem Kampf lande konnt, d'Forell huet dat awer net esou lëschteg fonnt an hat den Eugéne direkt zwee Mol an de Fanger gebass deen Hien dann och ganz stolz Owes Jidderengem gewisen huet, jo esou eng Blessur muss een sech ee Mol fir d'éischt erschaffen. Dat wor den éischten Dag dann och de Fësch vum Dag och wann den Äender an der Marc mat der dréchener Méck um Ponton grad esou schéi Fësch gefaangen haten. Et sinn och allgemeng vill Fësch deen Dag gefaange ginn. Et sinn

haaptsächlech Reebouforelle gefaange gi mee déi eng oder aner gëlle Forell wor och dobäi an esouguer Saiblinge wore besat an et ass och hei an do eemol Ee gefaangen ginn.

Wei mir den éischten Dag Owes am Zelt souzen d´Lasagne ze iessen do ass et awer lass gaange mat Reenen a wann et um Lac de la Moselotte reent da reent et riet eran an et sollt net méi ophale bis kuerz éiert mir Heem gefuer sinn. Et huet gereent wei mat Eemeren, bannent enger Nuecht hat sech dem Jeek seng Remorque wou eng Baache driwwer gespaant wor mat esouvill Waasser gefëllt dass ee geduecht huet Hien hätt eng kleng Schwämm matbruecht. Mir hunn dann och am

Reen net méi esou gutt gefaange wei um Virdag och wann de Carlo, dee Samschdes mam Erny nokomm wor, do säi Fësch vun der Sortie iwwerlëschte konnt. Ech wor zwar net dobäi mee esou wéi Hien de Fësch de ganzen Owend Jidderengem deen Him iwwert de Wee gelaf ass beschriwwen huet, wor et wuel éischter eng Kaarpenforell. De Gérard an de Pit woren och eréischt Samschdes ugereest an hunn domadder deen eenzeg dréchenen Dag verpasst gehat. Mee als Entschiedegung fir de ganzen Dag am Reen fëschen huet eis jo awer Owes de Grillowend erwaard, d´Kréinung vun eiser Sortie och wann Dësen dëst Joer mat an d´Waasser gefall wor. Et ass awer vun Allem opgedëscht ginn an d´Stëmmung wor wei ëmmer prächteg. Et ass vill gelaacht, gedronk an nach méi giess ginn esou dass mir dunn Owes midd a gutt gesiedegt an d´Better gefall sinn.

Mir haten Alles an Allem erëm eng formidabel Sortie kënnen erliewen, och wann d'Wieder dës Kéier net mat gespillt hat hunn mir awer dat Beschten draus gemeet woubäi et natierlech méi schéi gewiescht wär wann de Grillowend och bei Grillwieder hätt kéinte stattfannen. Dofir wor d'Stëmmung awer net manner gutt an eise Grillmeeschter de Fränz huet mat sengem Gegrilltes dofir gesuergt dass mir praktesch keen Ënnerscheed op déi vireg Joere konnte feststellen. De Lac de la Moselotte wor ganz gutt mat Fësch besat an et konnt een och um Verhale vun de Fësch feststellen dass déi grouss Kongkuren nach net stattfonnt haten. Et wor och flott ze gesi wei d'Fëscherkollegen Alleguerten eng Hand mat ugepaakt hunn wann et geheescht huet opriichten oder Gegrills organiséieren och wor Jidderee bestrieft mat senger gudder Laun zum gelénge vun dëser Sortie bäi ze droen. Saulxures wor mat Sécherheet och dëst Joer erëm eng Rees

wäert. Déi nächste Sortie féiert eis elo de 7. Mee op Lacroix sur meuse bei de Bruno wou mir et dann hoffentlech och ee bësse besser mam Wieder erwësche wäerten.